

**Projet de loi N°6654 relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une liaison routière avec la Sarre et autorisant la construction de l'échangeur de Hellange avec raccordement à l'autoroute A13 et à la route nationale N13**

**Sylvie Andrich-Duval**

Här President, Léif Kolleginnen a Kollegen,

**1) Introduktioun**

E bal historieschen Dag haut, op deem d'ganzt Lëtzebuerg Land a besonnesch d'Benotzer vun der Saarausbunn gewart hunn!

No **joerelaangem Prozesséieren** gi mer elo an deem héigen Haus hei endlech gréng Luut, fir deem **éiwegen Provisorium** vun 1.300 Meter, dem "By-pass Helléng" no 11 Joer en Ënn ze sétzen. Laut Beschluss vum Beziirksgeriicht Lëtzebuerg vum 2. Mee 2013, sinn di ëmstridden Terraïen, déi gefeelt hunn fir d'A13 färdeg ze bauen, schlussendlech an **Staatshand** iwergaangen. De **Spuck ass also elo eriwier** an mer kënnen haut esouwuel de **Bau** vun den reschtlechen 1,7 km vun der 21 km laanger Saarausbunn, déi d'Collectrice du Sud verlängert, grad wéi den **Aménagement** vum Rond-point Helléng autoriséieren. Dofir mussen nach eng Kéier 34,2 Mio € lacker gemaach ginn, well et ass dëst schon di **2. Budegtsupassung** niewt déer vun 2004, wou e bësse méi wéi 49 Mio € nogestëmmt goufen, fir e.a den By-pass kënnen ze finanzéieren. Domat klammen d'**Gesamtkäschten** vun déer Autobunn elo op 326,2 Mio €.

Et ass di viiregt Regierung, déi am Oktober 2013 de **virleidenen Gesetzestext**, deem aus der Fieder vum fréieren Nohaltegkeets- an Infrastrukturenminister Claude Wiseler staamt, nach pour avis un de Staatsrot virunginn.

Dat huet deem jetzegen Nohaltegkeets- an Infrastrukturenminister, deem dunn den Projet de loi mam Avis vum Staatsrot op séngem Pult leien hat, et erméiglecht, de Projet direkt Ufank 2014 an der Chamber ze deposéieren.

Endlech verschwénnt domat en schlëmme **Geforenpunkt** vun eisem Stroossenetz, e Geforenpunkt,

- dee schon vill **schro Accidenter** provoziert huet mat Schwéierverletzten an esouguer Mënscheliewen kascht huet. Op deem geschlängelten eespuregen By-pass mat Géigenverkéier ass eng Vitesslimitatioun vun 70 Stonnekilometer an en Iwerhuelverbuert, déi leider nët ëmmer respektéiert ginn an d'Siichtverhältnisser sinn virun allem bei Niwwel ganz schlecht.
- Och entsteet en zolitten **Réckstau** bis zréck op Fréiseng an a Richtung Rond-point Diddeleng-Bireng, besonnesch zou den Stousszeiten, an och bedingt duerch den intensiven Camionsverkéier.
- Während deenen bal 11 Joer koumen ganz héich **Ënnerhaltskäschten** dobäi wéinst der Sécherheet an der staarker Ofnotzung vun der provisorescher Strooss

Leider huet de Staat nët iwert déi néideg Terraïen verfügt fir eng **Bande d'urgence** op béide Seiten bäizesetzen, wat eng gutt Léisung gewiescht wier fir den Accès vun den Rettungskräften z'erméiglechen, an et wier och nët méiglech gewiescht fir dës un de Rond-point Helléng unzebannen.

Gouf et deemols eigentlech eng **aner Alternativ** zu dësem Provisorium?

Eng gutt Alternativ, déi et erméiglecht hätt, fir d'Autobunn den 23. Juli 2003 fir de Verkéier fräi ze ginn, dat no enger 6-jähriger Bauzeit an en attendant, dass di laafend Geriichtsprozeduren ofgeschloss wieren? Et louchen effektiv 3 Propositionen vum Staat um Dësch an dat hei war déi, wou déi **Héllenger a Fréisenger Awunner** jiddefalls am mannsten drënner ze leiden haten. Ech erënneren drun, datt et virun allem Déi Gréng waren, déi géint dës bei weitem verstännechsten Léisung Stuerm gelaaf sinn, fir déi sech awer decidéiert gouf, man Accord vum deemolegen Staatssekretär fir Ëmwelt Eugène Berger!

De Rapporteur ass an séngen **Rapport** besonnesch am Detail op den historesche Werdegang vun der Saarautobunn agaang, wat e bessert Verständnis vun der heiteger Situatioun erméiglecht. Ech soen dofir dem honorablen Gusty Graas merci fir sein exzellenten schréftlechen a mëndlechen Rapport!

## 2) WÉI KONNT ET DOZOU KOMMEN?

Déi zentral Fro an deem Dossier, deem d'Land an d'Leit a besonnesch d'Politiker, d'Regierung wéi och Deputéiert, déi eng helle Wull vun Questions parlementaires gestallt hunn, an zum Pleséier vun de Medien, joerlaang an Ootem gehal huet, di zentral Fro ass effektiv: **wéi konnt et douzou kommen?**

Ech ginn hei nët op all Detailer an, well den Rapporteur dat schon beschtens gemaach huet....

## 1. **Eng vun den Ursaachen leit bei der Gesetzesprozedur vum Bauprojet selwer.**

Ech stelle fest:

- Dass vun der 1. Decisioun un duerch d'Gesetz vun der Schaafung vun enger grande Voierie an engem Fonds des Routes vun **1967** - *dat war iwrengs dat Joer wou den obligatoreschen Militärvizit vum gouv, – also téschend déer Décisioun vun deemols fir e.a., ech zitieren, “eist d'Land duerch Stroossen, déi de Verhältnissen entsprechen, wéi se vun eisen Noper gebaut si ginn an nach weider laanscht eis Grenzen entstinn, ze verbannen an unzepassen.”*, (esou den deemolegen Rapporteur den honorablen Här Schreiner), vun deemols bis haut 47 Joer, vergaangen sinn, ergo bal en halleft Joerhonnert
- Datt de Projet **1986** – *d'Joer wou den RMG agefouert gouv* - eng Zeitchen op Eis geluet ginn ass, wéi décidéiert gouv **d'Collectrice du Sud** als interregional Schnellstrooss ze definieren an se un d'bestehend Autobunnetz unzeschléissen, bis dass et
- am Joer **1995** – *d'Joer wou den Euro gebuer gouv* – zur **definitiver Decisioun** kouw fir eng Stroosseverbindung téschend dem Minett an den Schwéierindustriepolen vum Saarland ze schaafe, an dat opgrond vun engem Accord mat der däitscher Seit fir eng **Bréck zu Schengen** ze bauen. D'Gesetz vun 1967 ass dofir virun 19 Joer, bal op den Daag genee, den 31. Juli 1995, nees emgeännert ginn, ënnert dem deemolegen Bautenminister Robert Goebbels
- Ech stelle fest, dass deem awer **d'Prozeduren am Virfeld** vun deem Bauprojet, déi an der **EU-Direktiv** iwert d'Impaktstudien op d'Ëmwelt an d'Informatioun vun der Ëffentlechkeet festgehale sinn, well déi Direktiv gouv jo och 1995 a lëtzebuerger Recht emgesat, nëit richteg applizéiert huet.
- Joerlaang Variantendiskussiounen waren deem virausgaangen, wou den Tracé sollt verlaafen fir iwert d'Musel ze fueren, mee besonnesch wat d'Deelstéck téschend Fréiseng an Altwies ubelaangt. Vun den verschiddenen Varianten huet finalement

d'**Südvariant** d'Rennen gemaach anstatt der Nordvariant, déi awer während X Joeren méi wéi an de Startlächer stung. Esou ass de **Réimerwee** engem Biotop zum Affer gefall!

- An domat ass den **eigtlechen Mëssel** ugaang, well de Bauer Linster vun Hélleng, zugleich e begeescherten Hobbyarchäolog, sech widder de Kapp gestouss gefillt huet vum deemolegen Travaux publics-Minister Robert Goebbels, an de Bauer war nët bereet d'**Terräien fir d'Südvariant** hirzeginn, wuel awer fir d'Nordvariant, wouraus et dunn zu deem berüchtigten **Rechtsstreit** komm ass. Hei ass et nët méi ëm **Geld oder Landwirtschaft** gaang, mee just nach ëm de **Prinzip**!
- Eng Reklamatioun virum **Verwaltungsgericht**, géint d'Enteegnungsprozedur huet zu enger Plainte bei der EU-Kommissioun gefouert well déi genannten EU-Direktiv nët respektéiert gi wier an de Minister Goebbels huet effektiv **nët Recht** kritt!
- Ech hunn iwregens e besonnesche Bezuch zu deër **Direktiv (85/337/CEE)**, déi **elo 97/11/CE** heescht. Déi huet et a séch, an se gouf an der Zwëschenzeit schon e puer mol geännert am Sënn vum Bierger, an mat hir d'Lëtzebuenger Gesetzgebung. Bei mengem **éischten Rapport** als Deputéiert hei am Plenum, Ufank 2007, war dat och de Fall. An ech verstinn och elo e bësse besser virwat ech dat grad als esou ze soen "onbeschriwwent Blat" sollt maachen!!
- Jiddefalls huet déi Direktiv schon deemols zu engem **riesegem Spektakel** gefouert. **D'Enteegnungsprozedur** ass **gestoppt** ginn an di deemoleg Bauteministesche Erna Hennicot-Schoepges huet de Schlamassel behuewen, an deems d'Gesetz vun der Saarautobunn 2001 - dat Joer ass d'Arcelor enstanen - **nei gestëmmt** ginn ass, an dat obschon d'**Baggeren** schon den 15. September 1997 ugefaangen haaten! Ech zitëiren den deemolegen Rapporteur an CSV Deputéierten Strotz'e Nöckel: *"Mer erliewen haut een aussergewöhnleche rare Phenomeen an der Geschicht vun eiser legislativer Aarbecht an zwar deem, dass opgrond vun enger Mise en demeure vun der europäescher Kommissioun ee mat grousser Majoritéit gestëmmte Projet nach eng Kéier, awer an anerer Form, virun de Plenum kënnnt."*
- Duerno huet d'Famill Linster, och nom Verscheiden vum betroffenen Bauer, weider coûte que coûte **all juristesche Méiglechkeeten ausgeschöpft**, fir dem Bau vun der Südvariant esou vill wéi méiglech Sténg an de Wee ze léen an de Staat esou laang wéi méiglech ze bloquéieren.

Mat deem Resultat wat mer kennen: vun 1995 bis haut, dat sinn 19 Joer!

Dem viiregten Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler ass et awer finalement gelongen de **gordeschen Knuet** ze zerschloen, an nët, wéi deemols behapt gouf, dem Minister Goebbels!..

## 2. Dofir verléiren ech och e puer Wieder, zwar als Nët-Juristin, iwert eis gesetzlech Enteegnungsprozedur mat hirem juristeschen Nospill, déi als auschlaggebend 2. Element hei mat an d'Spill kënnt

**D'Enteegnungsprozedur** ass éischtmoleg duerch d'Gesetz vum 16. August 1967 iwert d'Grande voirie an de Fonds des routes agefouert ginn, mat deem mer hei ze dinn hunn.

Et besteet awer och nach d'Gesetz vum 15. März 1979 iwert d'Expropriatioun an nach aner Texter, wou och Enteegungen virgesi sinn.

Eng Expropriatioun ass ëmmer eng **Gratwanderung** tëschend dem Schutz vum privat Besétz, wat e **Grundrecht** ass, dat an eiser Verfassung verankert ass, an dem allgémengen Interessi, fir deen déi Terraiën oder Immobilien gebraucht ginn.

a

Et ass fir d'éischt en Arrêté grand-ducal deen d'**Noutwendegkeet** vun der Enteegnung festhält an **d'Utilité publique feststellt** opgrond vum Avis vum Staatsrot. An nëmmen dann kënnen d'Enteegnungsprozeduren ufänken. Si sinn esou konzipéiert, dass et soll schnell goen, fir dass den öffentlechen Expropriant esou séier wéi méiglech iwert di Propriétéiten verfügen kann. Et ass awer och esou, dass dem expropriéierten Besétzer eng gerecht "juste" Entscheidung garantéiert ass.

Dës Enteegnungspraxis funktionnéiert och zënter Joeren zfriddestellen an am Prinzip ouni zevill Ophiewes.

Di gängeg Praxis ass awer selbstverständlech, dass et fir d'éischt zu enger Eenegung **am Gudden** mat den betroffenen privaten Propriétaires soll kommen, ier d'öffentlech Hand zum Schratt vun der Enteegnungsprozedur iwergeet.

Wann awer e Propriétaire, wéi an dësem Fall **op stur** schalt, egal aus wéi engen Ursachen, dann huet d'öffentlech Hand jo keen aneren Choix wéi op de Wee vun enger Enteegnung ze goen.

Ech zitéieren hei den honorablen Paul-Henri Meyers bei der Diskussioun vum 10. Oktober 2007 zum zweete Vote constitutionnel iwert d'Revisioun vum Artikel 16 aus eiser Verfassung: *“Et gëtt keen deen enteegent gëtt, virun e Fait accompli gestallt. Hien ass am Virfeld informéiert iwert déi Mesuren an hie kann och dementspreechend seng Recoursë géint déi Mesuren do huelen”*.

Et kann een Respekt hunn virun deene villen Leit, déi séch an all deenen Joeren mam Staat oder de Gemengen un den **Dësch** gesat hunn fir korrekt ze verhandelen. Meeschtens sinn jo do **d'Bauern** betraff, fir déi hir landwirtschaftlechen Flächen hiert deeglecht Brout bedeiten; an et versteet een och, dass sie nët ëmmer frou sinn, wann sie Lännereien mussen hier ginn. Och hei muss d'ëffentlech Hand en Equiliber fannen, besonnesch wat den Ëmweltberäich ugeet. Et werft Froen op, wann de Baueren d'Liewen duerch Direktiven vun uewen - d'Lëtzebuurger Baurejungend schwätzt vun enger “Ökodiktatur” - ëmmer méi schwéier gemaach gëtt, dass se emol zum Deel nët méi iwer den eegenen Terrain dierfen decidéieren!

**Di Fro déi sech awer an dësem Dossier stellt, ass, wisou d'Enteegnungsprozedur, déi den Staat zënter dem Gesetz vum 31. Juli 1995 huet missen lancéieren, mat esou vill Schwieregkeeten verbonnen waren?**

1. huet déi betreffen Baurefamill **all juristesche Registeren** gezunn fir de Staat ze bloquéieren an huet reusséiert Lëtzebuerg als Rechtsstaat virzeféieren
2. huet de Staat di 1. Enteegnungsprozedur, déi den Minister Goebbels agereecht hat, verluer duerch e Formfehler
3. sinn zënter 1997 verschidden institutionnel-constitutionnell an eng allgemeng Ännerung an eisen Rechtsregelen komm.

Do ass et nämlech wéinst dem bekannten Procola-Arrêt, den 12. Juli 1996 zu enger **Verfassungsreform** komm.

- Dem Staatsrot séng Missiounen vum **Verwaltungscontentieux** goufen ab dem 1. Januar 1997 vun deem eegen dofir geschaafenen Verwaltungsgericht an der Cour administrative en appel iwerholl.
- Dem Staatsrot séng Missioun fir d'Konformitéit vun den Projets de loiën an Reglementer zu iwergeuerdneten Rechtsnormen, e.a. der Verfassung, **am Virfeld** z'iwerpräifien ass verstärkt ginn.

- De Contrôle **a posteriori** vun der Verfassungskonformitéit ass enger Cour constitutionnelle uvertraut ginn.

Dës Reform huet also **nei Rechtswéer** opgemaach, déi forcément **nei Jurisprudenzen** mat séch bruet hunn.

Esou huet en Bierger, deen en Intérêt huet, fir géint deen Arrêté grand-ducal iwert d'Expropriatioun ze kloen, och d'Recht e **Recours virum Verwaltungsgericht** anzereeche.

Dat ass also och geschitt, well nach ëmmer keng Eenegung mat der Bauerefamill en vue war

Doduerch koumen **verfassungsrechtlech** Aspekter derbäi an et sinn "Questions préjudicielles" vum Verwaltungsgericht opgeworf ginn, déi fir d'éischt hu missen vum Verfassungsgericht tranchéiert ginn, e.a.:

- ob d'Utilité publique vum Bauprojet och gi wier, wat 2004 confirméiert gouf, an deem deemolegen Minister Claude Wiseler, deen deen nët beneidenswerten Dossier entretemps geierft hat, erlabt huet, eng nei Enttegnungsprozedur ze lancéieren.
- Entretemps huet d'Regierung, op Uroden vun der Bautekommissioun beim Vote vum 2. SaaraubunnsGesetz vum 2004, **d'Méiglechkeeten analyséiert**, wéi d'ëffentlech Hand scho kéint provisoresch an de Besézt vun Terräien kommen bei enger Enttegnungsprozedur, ouni dem Propriétaire séng Rechter ze leeséieren.
- 5 Joer laang huet d'**Bezierksgericht** gebraucht fir festzustellen, dass d'Annexen vum Enttegnungs-Arrêté mat den Parzellen an de Nimm vun de Propriétaires missten **nei** publizéiert ginn! Durch d'Urteil vum 21. Dezember 2011 ass dunn d'Enttegnungsprozedur virugelaaf.
- Tranchéiert gouf entretemps och ob **d'Gesetzer iwert d'Expropriatioun** verfassungskonform wieren. D'Urteeler vum Verfassungsgericht vum 7. Februar 2003 a vum 12. Mee 2006 hunn awer festgehal, dass di 2 Gesetzer wou et ëm Expropriatioun geet, nët komform wieren zum Artikel 16 vun der Verfassung.  
**Dunn waren guer keng Enttegnungen méi méiglech hei zu Lëtzebuerg**, weder duerch de Staat nach duerch d'Gemengen, well di 2 Gesetzer nët méi applicable waren!
- Opgrond vun der Propose vun der Institutiounskommissioun an no Analyse vun der **Regierung**, koom et dunn duerch d'konstitutionnellt Gesetz vum 24. Oktober 2007 zu enger Ännerung vum Artikel 16 vun der Verfassung, déi d'Enttegnungsprozedur nees debloquéiert huet, ouni dass di 2 Gesetzer hu missen geännert ginn. Den Artikel 16

huet bis dato gesot, dass een nëmmen dierf enteegent ginn fir Utilité publique's Zwecker, déi gesetzlech festgehalten sinn an dofir eng Entscheidungung, misst kréien déi "juste a **préalable**" wier. Ab 2007 gouf dat Wuert "préalable" gestrach. Doduerch ass d'komplett Ausbezuelen vun der Entscheidung **am Virfeld** nët méi néideg, ier d'ëffentlech Hand Propriétaire gëtt.

**Di viiregt Regierung huet also all Hiewelen a Bewegung gesat fir juristesche Kloerheet ze schaafen!**

**An a sénger Äntwert op meng Question parlementaire Nr 1833 vum 4. Juli 2007** huet den Här Minister Wiseler e. a. bestätegt, dass d'zivil Geriicht jo schon mam Dossier vun der Expropriatioun saiséiert wier an dass et direkt kéint virun goen esou bal d'Ännerung vun der Verfassung a Kraft giff trieden an dass hien d'Viirbereedungsarbechten vum Chantier schon esou weit wéi méiglech giff virun driewen.

- Tranchéiert gouf och nach vun der Cour constitutionnelle den 19. März 2013, dass par rapport zum Gesetz vun 1967 bei Projeten vun ëffentlechem Interessi, den **Recours** vun de Propriétaires keng legal Basis huet, vu dass den Gesetzesgeber en "Équilibre juste" realiséiert huet tëschen dem Recht op Privateigentum an dem Recht fir z'expropriéieren am Fall vun enger Utilité publique.

**Dorops hin ass den Staat dunn schlussendlech Propriétaire ginn durch gerichtliche Beschluss vum 2. Mee 2013, wéi aganks scho gesot.**

### **3) KONKRET AARBECHTEN**

Fir d'CSV ass et dofir evident, dass de Projet nët nëmmen esou séier wéi méiglech gestëmmt muss ginn, mee dass och d'Aarbechten esou séier wéi méiglech mussen ulaafen. Et ass nët nëmmen eng Fro vun Sécherheet, mee och eng Fro vun wirtschaftlechem Standuertvirdeel.

- Den fréieren Nohaltekeetsminister Claude Wiseler huet och schon am Virfeld dervir gesuergt, am Accord vun der Kommission vum Contrôle de l'exécution budgétaire vum 3. Juni 2013 - an nët vun der Nohaltekeetskommissioun - wéi den Här Minister Bausch iertimlecherweis a sénger Äntwert op meng Question parlementaire (Nr 83) vum 23. Januar 2014 geschriwwen huet, fir dass d'**Soumissiounen** schon virum Vote kéinten lancéiert ginn mat enger suspensiver Klausel, déi un de Vote vum Projet hei an



der Chamber gebonnen ass. Esou konnt ech an déer Äntwert gewuer ginn, dass den Appel d'offres den 22. Januar 2014 publizéiert gi wier, dass d'Soumissioun am März opgemaach giff ginn fir dass de Chantier endlech am Fréijoer 2014 kéint ufänken. Dee Chantier soll laut Ponts et Chaussées 550 Deeg daueren, d. h. ronn 11/2Joer.

**Dofir meng Fro un den Här Minister: Ass effektiv elo alles prêt a vu dass elo schon Summer ass an och nach de Bauongé an d'Haus steet, wéini kann dann elo konkret ugefaang ginn?**

#### **Weider Froen déi séch stellen:**

- Wéi verleeft d'**Koordinatioun** vun dësem Chantier, - dee jo och nach eng Verlängerung virgeseit vun der Accélérationebunn vun der Bretelle Richtung Esch bis d'Bretelle vun der Sortie Direktioun Lëtzebuerg vum Beetebuerger Kräiz, - mat den Bauphasen vum Eurohub a vum CFL Multimodal wou mer d'lescht Joer di 1. Phase gestëmmt hunn a vun deem Riesen- Rond-point Diddeleng-Bireng? Wou ass di Prozedur de Moment drun? Et muss een e **Verkëierskollaps** evitéiren an dass d'Camionën herno duerch d'Uertschaften ausweichen! Och riskéiren mer e Réckstau vum Rond-point Bireng bis op d'Saarautobunn zrécck...
- Wéi weit ass d'Evaluationsétude iwert den weideren Ausbau vun der momentan saturéierter **Bauschuttdeponie** niewt dem Échangeur Helleng? Déi kritt zwar eng separat Zoufahrt, mee at giff e weideren Plus un Camionën bedeiten!
- An D'Fro déi hanner drun hänkt: Geet déi **Schutzwand** vun 3 m dann duer fir d'Awunner vun Helléng virun deem zousätzlechen Kaméidi ze schützen?
- Gëtt effektiv eng nei **Stroossenbeliichtung** um Échangeur an op den Zoufahrten installéiert? Well wa mer se an e puer Joer nees ofséén huet et kee Wert haut 240.000 Euro an de Sand ze sétzen!
- Wat geschitt mat dem leidlechen Problem vum **Échangeur Fréiseng** wou de Bauer Friedrich scho joerelaang aus onverständlechen Grënn, Schelm, wer sich Böses dabei denkt, d'Verhandlungen bloquéiert? Elo wou d'juristesche Prozedur kloer ass, wat gedenkt den Här Minister ze maachen?
- An last but not least, **d'Tankstell op der A13** Richtung Schengen, wou Ponts et Chaussées schon dru geschafft hunn, a wou Déi Gréng mordikus dergéint waren: Gëtt se realiséiert oder kënnst op enger Längt vun 40-50 Kilometer keng Tankstell op A13 an domat also di éischt eréischt op der däitscher Seit, mat der Konsequenz, dass

d'Camionën nach ëmmer vun der Autobunn eroffueren an an di kleng Uertschaften, haaptsächlech Schengen, erafueren?

#### 4) FAZIT

Här President, Léif Kollegen a Kolleginnen,

#### **Fazit vun der ganzer Geschicht:**

Et wär derwärt schon gewiescht an dësem Fall en **MOP** ze schaafe, d.h. en **Ministère vun den Ongeléisten Problemer** - inspiréieren hätt een sech kënnen dobäi beim Superjhemp...

Jiddefalls wärten hei **d'Prozesskäschten** de Wert vun den 3 Hektar Terrain bei weitem iwerschreiden, nët ze schwätzen vum enormen **Zeitverloscht...**

Et huet och hei méi wéi een séng Spuren hannerlooss:

- **Den Minister Goebbels ass mam Bulldozer** driwer gefuer - en huet jo ech eng Kéier de "gëllenen Bagger" kritt! - **d' Ministeren Hennicot-Schoepges an Wiseler** hunn séch d'Zänn bal ausgebass fir d'Käschten aus dem Feier ze huelen! An de **4. Minister** sétzt d'Saach elo ëm...
- **Institutionnell-Constitutionnell Ännerungen vun de Rechtsregelen** an all deenen Joeren hu mat sech bruet, dass d'Rechtslag vun der Expropriatioun elo kloer definéiert ass
- **Schleefend Geriichtsprozeduren** hunn sécherlech nët derzou bäigedroen fir der Affaire de néidegen Stullgank ze maachen
- D'Verständnis vun verschiddenen **Bierger** wat **Allgeméngwuel** ugeet, gëtt ze denken, an dat punkto hiert kollektivt d'Verantwortungsgefill an hire Solidaritéitsgeescht, ouni a Fro ze stellen, dass d'Bierger selbstverständlech och viru staatlecher Willkür mussen geschützt ginn. Mee hei halen **zwee** Propriétaires **zéngtausenden** vun Autofuerer zënter Joeren als Geisel!

**Fir d'Politik muss d'Geméngwuel ëmmer iwert den Partikularinteressen stoen.**

Dozou steet d'CSV an dofir wärt d'CSV Fraktioun och dësem méi wéi dringenden Gesetzesprojet zoustëmmen!